

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Dezember 2021

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister an un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

Säit dem Ufank vun der COVID-Kris ass d'Zuel vun de verfügbare Spidols- an Intensivbetten zu Lëtzebuerg zum entscheidende Krittär fir politesch Agrëffer an d'Ekonomie an d'Privatliewe vun de Leit an engem nach ni gekanntem Ausmooss avancéiert. Gläichzäiteg hält d'Zuel vun den Awunner all Joers ëm circa 10.000 Leit zou, dobäi kommen all déi Leit, déi net hei wunne mee nei ufänke mat schaffen. Och si kréien eng lëtzebuergesch Matricule zougewisen a falen domat ënnert den nationale Gesondheetssystem.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Kann d'Regierung eng Tabell presentéieren, déi regroupéiert wéi d'Zuel vun de Spidols- an Intensivbetten, der Bevëlkerung an de Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule sech am Zäitraum vun 1990-2020 iwwer d'Joren entwéckelt huet a wéi vill Awunner a Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule sech all Joers op ee Spidols- an een Intensivbett verdeelt hunn?
- 2) Kann d'Regierung déi aktuell Zuel vun de Spidols- an Intensivbetten hei am Land, déi duerchschnëttlech Betriebskäschte vu sou engem Intensivbett, sou wéi d'Zesummesetzung vun deene Käschte matdeelen?
- 3) Kann d'Regierung déi duerchschnëttlech Akafskäschte vu engem Spidols- souwéi engem Intensivbett presentéieren? Wéi vill Spidols- an Intensivbetten si säit dem Ufank vun der COVID-Krise nei dobäikomm? Wéi eng Erweiderunge sinn aktuell geplangt?
- 4) Wier d'Regierung am Sënn vun der Fro virdu bereet, en automateschen Upassungsmechanismus vun der Zuel vun de Spidols- an Intensivbetten op Basis vun der Bevëlkerungs- an der Zuel vun de Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule op de Wee ze bréngen? Wann net, firwat net?
- 5) Verfügen d'Lëtzebuurger Spideeler iwwert déi néideg ekonomesch Fräiheet a Flexibilitéit, fir d'Zuel vun de Betten am Fall vun Zousazbedarf kuerzfristeg upassen ze kënnen? Wann net, firwat net? Wéi gedenkt d'Regierung deem Problem gegebenefalls duerch administrativ Vereinfachungen entgéint ze wierken?

- 6) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi déi an de Froen dräi a véier genannte Käschten, de finanzielle Follge vum Lockdown op de Staatsbudget, d'Bruttoinlandsprodukt, souwéi deenen doduerch am Gesondheets- a Fleegeberäich nei entstane Käschten an der Analyse vun der Regierung géinteneen ofgewie gi sinn?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten